Initiativ ass, vläicht net grad sou einfach ass, well d'Englänner och nach mat der „International Finance Facility" kommen, déi dorop hinziilt, dass elo déi europäesch Länner solle léine goe fir den Développement ze finanzéieren, wat den nämlechte Risiko huet wéi déi alternativ Sourcen, nämlech dass mer eis dann zréckleeën, wat de Rescht ubelaangt an eise prozentualen Effort vum RNB ubelaangt, a wat och Froe sécherlech opwerft, par rapport zum Prinzip, dass mer d'Welt nëmme vun eise Kanner geléint hunn. Ech mengen, dat wär eng Discussioun à part wäert.

De Conseil supérieur du Développement durable géif ech gär gesinn am Kader vun engem eventuellen neie Gesetz.

Zu Palästina géif ech gären haut dat hei soen: De Fait selwer ass jo bekannt. Ech hunn och deemools eng Zuel genannt. Mir hunn dat sou séier wéi mer et wosste public gemaach. Déi Zuel, déi war dee Moment eng Millioun Euro, dat bestätegt sech elo oder et bestätegt sech net. Mir hunn do eng ganz Serie Kontakter geholl. Ech wëll soen, dass Lëtzebuerg net dat eenzegt Land ass, deem dat geschitt. Mir ware wahrscheinlech déi Eenzeg, deenen et nach net geschitt war.

Ech géif gären, plutôt wéi do Salamitaktik ze maachen, wann ech e komplett Bild hunn a wann all déi Kontakter, déi mer geholl hunn, zu Resultater oder och net zu Resultater gefouert hunn - dat muss ee kucken -, dat eng Kéier komplett presentéieren an dodriwwer diskutéieren. Den Här Henckes huet dat och soulevéiert.

Här President, just nach zwee Wierder, déi d'Remarquë vum Här Henckes ubelaangen. Ech hunn net gesot, dass mer nécessairement op de Wee gi vun engem neien Zil. Ech wollt am Fong just do véier generell Iddië lancéieren. Ech mengen, dat solle mer diskutéieren.

Wat d'Heesprénger ubelaangt, wëll ech drop opmierksam maachen, dass mer do direkt intervenéiert sinn iwwert d'FAO, an der FAO gesot hunn, mir hätte gär, dass déi Suen, déi mer der Heesprénger plo dédiéiert hunn, haaptsächlech oder exklusiv an eisen Zillänner géifen agesat ginn. Ech si frou, dass dee Projet hei percéiert, well ech muss lech soen, am Ufank wou ech hei de Leit vun Heesprénger geschwat hunn zu Lëtzebuerg, an dass dat e seriöe Problem wär, sinn déi meescht Leit mer mat engem midde Laache begéint.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Dat ass problematesch, Här Minister.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Wat sot Der?

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Dat ass e ganz komplizéierten ökologesche Problem.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Den Dossier, Här Scheuer, ass ëmsou méi problematesch, dass mer virun dräi, véier Joer preventiv Projeten ofgebrach hunn - net nëmme mir, mä och anerer -, well mer lauter Avisë vun Experten do leie gehat hunn, dass de Problem definitiv geléist wär. An de Problem ass ëmsou méi problematesch, dass, nodeem se no Süde gaang sinn, se elo no Norde ginn, a sou weider a sou fort, an dass se dat effektiv net an de Grëff kréien. Ech soen lech awer, datt de senegaleseschen Ausseminister mir gesot huet, dass am Senegal d'Situatioun souwäit ënner Kontroll wär.

Voilà, Här President, et géifen nach eng ganz Rei Saachen ze soe bleiwen. Ech wëll just nach soen: Wat d'Présidence ubelaangt hunn ech geschwat vun deenen Efforten, déi mer wëlle maachen op internationalem Niveau. D'Cohérence des politiques an de SIDA wäerten och um Ordre du jour sinn. Ech kréien d'Geleeënheet nach, dozou méi ze soen.

Wann Der wëllt, huelen ech och direkt Positioun zu deenen dräi Motiounen. Ech géif mengen, dass déi éischt Motioun deen Engagement vun der Chamber réitéréiert, dee se an der leschter Legislatur geholl huet, och a Richtung vun der Concentration géographique, wat eng gutt Saach ass. Dofir géif ech d'Chamber bieden déi Motioun ze stëmmen.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, mam Audit organisationnel vum Ministère de la Coopération, do wëll ech d'Madame Err net nach eng Kéier enttäuschen an ech géif dann och d'Chamber bieden déi Motioun ze stëmmen. Ech wollt awer zwou Remarquen dozou maachen, dat ass dass ech schonn amgaange sinn eng ganz Rei Reorganisatiounsmesuren do ze huelen an dass ech lech elo scho ka soe wat bei deem Audit erauskënnt, nämlech dass mer méi Leit brauchen an d'Prozedure solle straffen, an all déi aner Saachen, déi ech a menger Ried gesot hunn. Mä wann den Audit mer dann och nach dat seet, da kann ech dat vläicht méi einfach ëmsetzen. Dofir géif ech d'Chamber och bieden déi Motioun ze stëmmen, dass deen Audit organisationnel soll stattfannen.

Wat déi drëtt Motioun ubelaangt, wëll ech Folgendes soen: Mir sinn de 17. Contributeur mondial, ënner anerem beim Fonds pour les Populations, ech weess also net, wou mer do nach vläicht kënne méi wäit goen, mä ech sinn awer gäre bereet dat eng Kéier ze kucken an ech géing d'Chamber also och bieden déi Motioun ze stëmmen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun de Motiounen, déi am Kader vun dëser Debatt abruecht gi sinn.

Motion 1

Fir d'éischt zur Motioun 1, déi d'Madame Nancy Arendt abruecht huet. All Fraktiounen hunn déi Motioun ënnerschriwwen an deementspriechend denken ech, dass mer par main levée kënnen doriwwer ofstëmmen.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Ech gesinn Unanimitéit. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Motion 2

D'Motioun 2 vun der Madame Lydie Err ass ënnerschriwwe vun dräi Fraktiounen, wann ech dat richteg gesinn. Kënne mer trotzdeem do par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun 2?

D'Motioun 2 ass à l'unanimité ugeholl.

Motion 3

D'Motioun 3 vum Här Marc Angel ass och vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Mir stëmmen iwwert d'Motioun 3 och par main levée of.

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun 3?

D'Motioun 3 ass och eestëmmeg ugeholl.

Domadder si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour a kommen zum nächste Punkt, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5343 iwwert d'Gemengefusioun vu Baastenduerf a Furen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Kaes, den Här Calmes, den Här Klein, den Här Gira an den Här Jaerling. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

3. 5343 - Projet de loi portant fusion des communes de Bastendorf et de Fouhren

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer haut an der Chamber virleien hunn, huet als Objet d'Fusioun vun zwou ländleche Gemengen, nämlech Baastenduerf a Furen, d'Fusioun an eng nei Gemeng, déi sech dann an Zukunft wäert Tandel nennen. Dës nei Gemeng Tandel wäert ongeféier, wann et se da bis gëtt, 1.600 Awunnerinnen an Awunner hunn an eppes iwwer 4.000 Hektar grouss sinn.

Och wann dëse Projet vläicht elo keng enorm national Portée huet, esou ass e fir de Gemengesecteur awer bal historesch, well et zënter 1978 keng Fusioun méi gouf hei am Land. Deemno kënnt ee soen, dass dëse Projet eng gewëss Signalwierkung huet, well op där enger, op där anerer Plaz - Dir wësst dat - och u Fusioune geduecht gëtt, notamment Kautebaach, Wëlwerwolz an och Hengescht respektiv mat Klierf a Munzen.

Den 3. Juni 2004 huet den deemolegen Innenminister de Projet 5343 an der Chamber déposéiert an de leschten 21. Oktober huet déi zoustänneg Kommissioun sech mat deem Projet befaasst. D'Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen ass d'Resultat vun enger laanger Kooperatioun, also net vun haut op muer geschitt, eng laang Concertatioun, eng enk Kooperatioun op interkommunalem Niveau, dat heescht schonn 1996 ass et richteg ugaangen, doduerch dass déi zwou Gemengen e Syndicat intercommunal gegrënnt hu fir de Bau an d'Fonctionnéiere vun enger regionaler Schoul, d'Schoul zu Tandel.

Duerno hunn dann déi zwou Gemengen décidéiert sech méi no ze kommen en vue vun enger eventueller Fusioun, an den 21. Dezember 2001 hunn dunn déi zwee Buergermeeschter e Bréif un den Innenminister adresséiert, fir hire Wëllen ze manifestéiere mateneen ze fusionéieren. Et si Verhandlungen opgeholl ginn an dës Verhandlungen haten als Zil eben e Projet de fusion, an doropshin hunn och déi zwee Gemengeréit dëse Projet adoptéiert. Dat war am Juli 2003.

Den 1. Oktober 2003 gouf dunn eng Informatiounsversammlung organiséiert mat de Biergerinnen a Bierger vun deenen zwou Gemengen, wou den deemolegen Innenminister dobäi war, deen d'Avantagë vun esou enger Fusioun och explizéiert huet. An dann e bësse méi spéit war dann och, am Oktober 2003, e Referendum, wou dann d'Bevölkerung d'Méiglechkeet hat sech auszedrécken, d'Bevölkerung vun deenen zwou Gemengen, ze soen, ob si fir déi Fusioun sinn oder net, an ëmmerhin hunn zwee Drëttel vun de Leit gesot, dass se dat eng gutt Initiativ géife fannen.

Op dat positiivt Resultat hin hunn dann déi zwee Gemengeréit sech definitiv en faveur vun där Fusioun ausgedréckt a si hu grengt Liicht ginn iwwer Délibérations concordantes fir eng Konventioun mat der Regierung ze ënnerschreiwen en vue vun där Fusioun. Dat ass dann net méi spéit wéi den 23. Abrëll 2004 geschitt. Dir gesitt, dat ass alles relativ séier virugaangen.

Am Avis vum Conseil d'État steet, dass de Conseil d'État d'accord ass mat deem Projet, sauf enger klenger Remarque am Artikel 12 - ech soen nach herno eppes dozou. D'Aarbechte vun der Kommissioun si relativ séier résuméiert. Den 21. Oktober, a Presenz vum Innenminister, huet d'Kommissioun och nach eng Kéier iwwert d'Fusiounen am Allgemenge geschwat an och de Minister huet gesot dass hien der Meenung ass, dass Fusiounen e ganz wichtegen Atout sinn, déi een awer net soll forcéieren, mä dass et awer näischtdestotrotz wichteg ass, dass ee mat der Zäit vläicht aner Masse-critiquë kritt fir eis Gemengen hei am Land an dass och solle Gemenge gestäipt ginn, wa se da wëlle fusionéieren.

Et ass och gesot ginn, dass déi zwou Gemenge vu jeeweils 800 Awunner do optimal virgaange sinn en vue vun enger Aarbecht, déi ee kann no an no rationaliséieren. Doduerch kënne se herno Sue spueren an insgesamt Déngschtleeschtungen ubidden, déi se als kleng Gemeng net hätte kënnen ubidden.

Ech wollt eppes zum Artikel 9 soen. Et ass esou, dass déi zwou Gemengen oder déi zukünfteg Gemeng Tandel dann och 2.500 Euro par habitant zougesot krut, dat étaléiert iwwer 10 Joer. Mat deene Suen däerf een awer net grad egal wat maachen. Et steet am Gesetz dran, dass déi Suen am Fong fir dräi Objete geduecht sinn:

1. fir en neit administratiivt Gebai, dat zu Tandel soll gebaut ginn,

2. fir den Ausbau vun der Schoul zu Tandel an

3. fir den Uschloss vun der Uertschaft Longsdref un d'Kläranlag vun der Bleesbréck.

Déi Fusioun mécht sech net beieneen, dat mécht sech no an no. Esou ass virgesinn, dass de Schäfferot aus véier Leit besteet, engem Buergermeeschter an dräi Schäffen, an aus insgesamt eelef Conseilleren, bis d'Gemengewahle vun 2017.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi zwee Gemengesekretäre wäerte sech hir Tâchen deele bis dee Moment, wou dann ee vun deenen zwee Poste vakant gëtt, respektiv gëtt de Receveur vum Gemengerot désignéiert, also ee vun deenen zwee, déi den Ament do sinn, gëtt dann definitiv Receveur. Dat kann nëmmen ee si laut dem Gemengegesetz.

Dann ass och an der Kommissioun nach kuerz driwwer geschwat ginn, wéi et mat de Gemengefinanze steet an Zukunft. Et ass gesot ginn, eng Dotatioun fält jo ewech, well mer nëmmen nach eng Gemeng hunn, also eng Dotation de base, déi jo ongeféier 100.000 Euro ausmécht bei enger Gemeng vu siwe Conseilleren. An do ass awer och da gesot ginn, dass zumindest deelweis dat kompenséiert gëtt doduerch, dass jo de Gemengerot vu siwen, respektiv zweemol siwen, vu siwen op eelef dann eropgeet. An et ass natierlech nach eng Kéier gesot ginn, dass op ville Punkte wäert méi rationell geschafft kënne ginn, esou dass d'Gemeng insgesamt och Sue wäert spueren.

Vläicht zum Schluss nach zwee, dräi Sätz zu verschiddenen Artikelen. An zwar am Artikel 4 steet, dass den éischte Gemengerot vun der neier Gemeng Tandel den 9. Oktober 2005 definitiv da gestëmmt gëtt.

Am Artikel 5, wat och nach wichteg ass, steet, datt d'Gemengereglementer gëlle vun deenen zwou Gemengen op deem jeeweilegen Territoire, bis se da vun der neier Gemeng, vum neie Gemengerot ersat ginn.

Den Artikel 12, vun deem ech virdru scho kuerz geschwat hat, wou de Conseil d'État recommandéiert hat e Passus ewechzeloossen - dat ass deen Artikel dee seet, dass d'Gesetz den 1. Januar 2006 a Kraaft trëtt, an do ass awer an der Kommissioun gemengt ginn, mir solle weider beim Regierungstext bleiwen, datt et däitlech ass, dass et keen Zweifel gëtt, wat d'Entrée en fonction vun deem neie Gemengerot ubelaangt.

A last but not least, am Artikel 13 steet dann och nach, ier en neit Gemengenhaus zu Tandel gebaut gëtt, ass de Siège vun der neier Gemeng zu Furen, an där jëtzeger Märei zu Furen selwer.

Dat ass dat, wat ech wollt als Rapport viruginn. Um Enn wollt ech am Numm vun der Kommissioun déi zwou Gemenge félicitéiere fir déi richteg Initiativ, déi sënnvoll Initiativ an deem Kontext, an ech wollt och méiglechst vill Kolleeginnen a Kolleege bieden dësem Projet zouzestëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schank. Als éischte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Kaes, zur selwechter Zäit Buergermeeschter vun enger vun de Fusiounsgemengen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Loosse mer mol a Rou nolauschteren.

Une voix.- Dir kënnt jo ënnerbriechen, wa Froen ze stelle sinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst elo den Här Kaes schwätzen! Loosst lech elo net hei ënnerbriechen a kommt zu Ärem Discours.

(Interruptions)

Discussion générale

M. Ali Kaes *(CSV).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt dem honorabelen Här Marco Schank Merci ze soen an ze félicitéiere fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Bon, et ass fir mech natierlech e ganz besonnesche Moment, well ech meng éischt Interventioun hei an der Chamber zu engem Gesetzesprojet ka maachen, deem säin Ursprong méi wéi zéng Joer zréckläit a wou ech d'Éier hat och e bëssen zum Inhalt vum deem Gesetzesprojet bäizedroen.

Ech wëll net nach eng Kéier déi eenzel Etappe bis zur Fusioun hei opzielen. Ech wëll lech soen, datt déi zwee Schäfferéit sech schonn den 18. Mäerz 1994, wat iwwregens e ganz besonneschen Datum fir déi zwou Gemengen ass, fir d'éischte Kéier getraff hunn, an dat mam Zil iwwer eng gemeinsam Schoulorganisatioun respektiv iwwert de Bau vun enger gemeinsamer Schoul- a Sportinfrastruktur nozedenken.

No e puer Startschwieregkeeten an nodeem déi zwee Gemengeréit definitiv festgestallt haten, datt se nëmmen zesummen de Kanner optimal Schoulkonditioune kënnte bidden, ass d'Décisioun u sech gefall fir en interkommunale Syndikat ze grënnen an dee mam Bau vun engem neie Schoul- a Sportkomplex ze beoptragen.

Deemools huet a sech nach keen un eng Fusioun vun deenen zwou Gemenge geduecht. Mat der Schoulrentrée 1999, do wou d'Kanner vun deenen zwou Gemenge fir d'éischte Kéier an déi nei Schoul gaange sinn - virdrun hate mer schonn déi eenzel Klassen an deene bestoenden Infrastrukturen zesummegeluecht fir den Eeklassesystem iwwerhaapt ze erméiglechen -, do hunn d'Leit u sech aus deenen zwou Gemengen eréischt esou richteg festgestallt, wat fir eng Virdeeler esou en Zesummeschaffe géif mat sech brengen.

Jo, iwwert de Wee vun de Kanner koume sech d'Leit aus deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen ëmmer méi no. Am associative Beräich ass ëmmer méi zesummegeschafft ginn, nei Veräiner sinn entstanen. Um Gemengenni-

veau ass déi al Tandeler Schoul ëmgebaut a vergréissert ginn, fir de Précoce, e Spillgrupp an e Krabbelgrupp vun deenen zwou Gemengen opzehuelen, an och de Préscolaire ass ebenfalls vum Schoulsyndikat iwwerholl ginn.

Zënter 2000 gëtt et e gemeinsame modernen Informatikzenter, wou d'Leit kënnen e breet Ugebuet un Informatikscoursë besichen. Dësen Zenter ass och gläichzäiteg eng Internetstuff fir d'Leit aus der Regioun. Déi zwou Gemenge gehéieren iwwregens och zënter ganz laangem schonn dem Triage forestier vu Baastenduerf un. Dat heescht, deeselwechte Fierschter ass u sech och zoustänneg fir déi zwou Gemengen.

D'Zesummewuesse vun de Leit aus deenen zwou Gemengen an déi ëmmer méi heefeg a villsäiteg Zesummenaarbecht op Gemengenniveau hunn eis u sech, nëmmen zwee Joer nodeem déi nei Schoul hir Bestëmmung iwwerholl huet, op de Gedanke bruecht iwwer eng Fusioun vun deenen zwou Gemengen nozedenken. Dat besonnesch och, well mer déi Ënnerstëtzung, déi voll Ënnerstëtzung vum deemolegen Innenminister an heitege Fraktiounspresident vun der CSV haten.

Ech wëll mer erlaben op dëser Plaz, lech, Här Wolter, e ganz grousse Merci ze soe fir Är konstruktiv Begleedung während där gesamter Préparatiounsphas.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Ali Kaes *(CSV)*.- Bon, et war den Här Wolter, deen zu deem Zäitpunkt eng ganz Rei vu Kontakter mat de Gemengen aus der Region Nord, esou wéi se am Plan directeur genannt gëtt, hat, fir iwwer eng nach besser regional Zesummenaarbecht engersäits, mä awer och iwwer eng Neiuerdnung vun der Gemengelandschaft anerersäits ze schwätzen.

Vun ënnen no uewe muss dat geschéien. D'Bierger musse mat agebonne ginn. Dat waren d'Wierder vum deemolegen Innenminister. Och den heitegen Innenminister hält un dësem Prinzip fest a wëll all déi Gemengen ënnerstëtzen, déi de Wee vun der Fusioun wëlle goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nëmmen zwee Méint ware vergaange vum éischte Gedanken iwwer eng Fusioun bis déi zwee Buergermeeschteren den 21. Dezember 2001 dem Innenminister an engem Bréif matgedeelt hunn, datt d'Gemenge Baastenduerf a Furen bereet wiere Verhandlungen opzehuelen, fir eventuell mateneen ze fusionéieren.

D'Zouhuele vun der Zesummenaarbecht huet och bewisen, datt et souwuel administrativ wéi finanziell net vu Virdeel wier, wann d'Décisiounen op dräi Niveauen oder an dräi verschiddene Strukture géife geholl ginn, nämlech an zwee Gemengeréit an an engem Comité vum interkommunale Schoulsyndikat, an dat zum groussen Deel och nach vun deeneselwechte Leit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „In keiner der beiden Gemeinden ist das Thema Fusion ein Aufreger." Sou konnt een 2003 am Télécran liesen. Mä firwat war dat esou? Bon, vum éischten Dag un hunn déi Verantwortlech vun deenen zwou Gemengen de Bierger mat agebonnen a keng Geleeënheet verpasst de leschte Stand vun den Diskussioune matzedeelen. Et war ganz sécher de Wee vun ënnen no uewen, de Wee mam Bierger fir de Bierger.

Den 1. Oktober 2003 huet den deemolegen Innenminister Michel Wolter un enger Informatiounsversammlung fir all Bierger...

(Interruptions diverses)

…vun deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen deelgeholl, fir nach eng Kéier kontrovers iwwert d'Vir- an Nodeeler vun enger Fusioun ze schwätzen.

Hei gouf konstruktiv a sachlech diskutéiert an, Dir Dammen an Dir Hären, den aneren Dag gouf et och keng Karikatur am Lëtzebuerger Wort, wéi dat 1975 de Fall war, wéi een e Geessebock konnt gesinn, deen hannert dem deemolegen Innenminister hiergelaf ass, fir hien aus dem Duerf ze dreiwen.

(Hilarité)

Och de Referendum huet mat enger Zweedrëttelmajoritéit bewisen, datt d'Bierger hannert dëser Fusioun géife stoen. Den 1. Abrëll dëst Joer hunn déi zwee Gemengeréit dunn d'Préparatiounsaarbechte fir d'Fusioun tëschent deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen zum würdegen Ofschloss bruecht, wéi jidder Gemengerot fir sech unanime décidéiert huet, ab dem 1. Januar 2006 där neier Fusiounsgemeng Tandel unzegehéieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Dëst ass also domadder déi éischt Gemengefusioun am 21. Jorhonnert, wa se hanneno hei da wäert gestëmmt ginn.

Ech wëll op dëser Plaz och kuerz op d'Lëtzebuerger Gemengelandschaft an deene leschte gutt honnert Joer agoen. 1890 hate mer hei an deem Land 129 Gemengen. 1891 hu mer eng Gemeng bäikritt; nämlech deemools ass Rëmeleng vun der Gemeng Keel ofgetrennt ginn. Vun do un huet u sech d'Zuel vun eise Gemengen ofgeholl. Esou hunn 1920 déi deemoleg Gemengen Hamm, Hollerech, Rollénger-gronn an Eech mat der Stad Lëtzebuerg fusionéiert.

Et huet dunn awer bis an d'70er Jore gedauert, ier sech erëm iergendeppes an der Gemengelandschaft beweegt huet. Vum Innenministère ass am Abrëll 1971 dunn eng Kommissioun agesat gi vu Leit aus deem Ministère mat folgender Aufgab: «d'étudier l'ensemble des problèmes relatifs au regroupement et à la coopération des communes». De 15. Oktober 1971 huet den deemolegen Innenminister dem Regierungsrot d'Konklusiounen ënnerbreet. D'Kommissioun ass zur Schlussfolgerung komm, datt d'Fusioun vun de Gemengen deen Objektiv wier, deen onbedéngt misst erreecht ginn.

Eng weider Kommissioun ass agesat ginn, dës Kéier aus Regierungsexperten. Laut dëser Kommissioun sollte 34 Gemengen no engem Schema A, respektiv 30 Gemengen no engem Schema B bleiwen. Aus dem Rapport konnt een zum Beispill eraushuelen, datt d'Mindestzuel vun Awunner pro Gemeng 2.500 bis 3.000 sollt sinn, an datt eng Gemeng sollt mindestens 5.000 Hektar grouss sinn. Ma och wann déi nei Gemeng Tandel net grad un dës Gréisst erukënnt, esou ziele mir ëmmerhin 4.172 Hektar a 1.600 Awunner, eng Zuel, déi awer sécher wäert ganz schnell uwuessen, well an deenen aacht Dierfer geschéien de Moment ganz vill Projeten, an et besteet och de Moment en immensen Drock, fir iwwerhaapt e Bauterrain an deenen Dierfer ze kréien.

Doriwwer eraus gëtt et och deen een oder anere Projet, wou relativ vill nei Bauplaze geschafe ginn, an et muss ee wëssen, datt déi nei Gemeng wierklech um Rand vun der Nordstad läit, an also och domadder den Drock ganz besonnesch grouss ass, well an der Regioun Nordstad net onbegrenzt Méiglechkeete si fir ze bauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Rapport vun der Kommissioun huet deemools awer och schonn d'Zuel vun de Kanner, déi de Primaire, respektiv de Préscolaire géife besichen, eng ganz wichteg Roll gespillt. Bon, dee Rapport vun där Kommissioun ass dann deenen 126 Gemengen deemools zougestallt ginn. Dat war Enn 1972 pour avis, a wat ganz interessant ass ass, datt deemools wäit iwwert d'Halschent vun de Gemenge mam Prinzip vun engem Gemengeregroupement schonn d'accord waren. Et haten 114 vun deenen 126 Gemengen en Avis ofginn. Dovunner waren der 74 positiv, an nëmme 40 Gemenge ware géint all Regroupement.

De Conseil économique et social, deen ebenfalls mat dësem Dossier befaasst war, huet a sengem Avis, dee Mëtt 1974 unanime an der Plénière vun dëser Institutioun ugeholl ginn ass, ënner anerem Folgendes festgehalen: «Le CES estime qu'une fusion des communes s'impose à brève échéance. Le CES se doit toutefois de constater qu'une fusion des communes visant une organisation plus rationnelle et plus efficace des institutions existantes est uniquement possible si elle se situe dans un cadre général prévoyant la possibilité de la réaliser par voix coercitive.»

Dës Iwwerleeungen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beweisen, datt et deemools gewollt war méi wäit ze goen, wéi mir a sech haut bereet sinn ze goen. Mir si géint all Zwang, mä fir den Dialog an d'Abanne vun dem Bierger. Keng Fusioun soll géint de Wëlle vum Bierger geschéien. Datt de Bierger awer ganz dacks eng vill méi grouss Bereetschaft beweist an déi Richtung matzegoe wéi esou munche Gemengepolitiker, beweist ganz einfach dee positive Referendum vum 12. Oktober an de Gemenge Baastenduerf a Furen.

A wann ech haut en Artikel am Lëtzebuerger Wort liesen, wou esouguer Leit op eng Ëmfro hin an den Dierfer vun deenen zwou Gemengen offe gesot hunn, ech war nach net iwwerzeegt wéi de Referendum war, dofir hunn ech dergéint gestëmmt, mä ech fannen et awer haut eng ganz gutt Saach an et ass de richtege Wee, a wou aner Leit soen, si sinn nach net wäit genuch gaangen, si hätten dat Ganzt nach méi grouss solle maachen, dat beweist u sech, datt d'Bierger an deene Saache ganz ganz dacks méi konstruktiv sinn, wéi dat d'Politiker heiansdo selwer sinn.

Datselwecht gëllt awer och fir d'Gemenge Wëlwerwolz a Kautebaach, wou de Referendum den 13. Juni mat de Landes- an Europawahle stattfonnt huet, a wou esouguer 93,19% zu Wëlwerwolz an 71,5% vun de Wieler zu Kautebaach sech fir eng Fusioun ausgeschwat hunn. Déi nei Gemeng do wäert jo bekanntlecherweis Kiischpelt heeschen.

Ech wëll och dës Geleeënheet benotze fir alle Bierger, awer och alle Politiker aus deene véier Gemengen ze félicitéieren, fir hire Courage a fir hir Wäitsiicht bei hiren Décisiounen.

Mä zréck an d'70er Joren. Deemools si schlussendlech net 39 Gemengen entstanen, esou wéi d'Regierung et virgesinn hat, mä no laangen an deels heftegen Diskussioune sinn nëmme véier Fusiounsgemengen 1978 realiséiert ginn, an zwar am Norde Rammerech, d'Stauseegemeng a Wëntger, an am Osten déi heiteg Gemeng Jonglënster. 25 Joer sinn et elo hier, datt u sech näischt méi un der Gemengelandschaft geschitt ass. Mir zielen haut, wéi viru 25 Joer, 118 Gemengen, wou déi klengsten, an dat muss een einfach kucken, emol net esou vill Awunner huet wéi anerer Personal, a wou d'Forschett vun 250 bis 20.000 Awunner geet, ouni vun der Stad Esch a vun der Haaptstad iwwerhaapt ze schwätzen.

Eis Gemengen hunn an deene leschte Joren ëmmer méi Aufgabe bäikritt, an dat am administrativen, am techneschen, am sozialen, am kulturellen, am sportlechen an a villen anere Beräicher. De Bierger gëtt ëmmer méi exigent an hi besteet op e gudden an e komplette Service vu senger Gemeng. Wéi soll eng kleng Gemeng dat awer fäerdeg bréngen, wa se sech zum Beispill emol net am technesche Beräich en Techniker ka leeschten, ouni vun enger ganzer Rei vun techneschen Infrastrukturen ze schwätzen?

Et ass nun eemol net d'Aufgab vum Schäfferot déi technesch Begleedung an Iwwerwaachung vun de Schantercher ze assuréieren, respektiv e gudde Fonctionnement vun deenen ëmmer méi héich technologeschen Infrastrukturen ze garantéieren. Hei brauch eng Gemeng geschoulte Fachpersonal, anerefalls riskéiert se op déi eng oder aner Manéier iwwert den Dësch gezunn ze ginn.

Am Hibléck op d'Fusioun hunn déi zwou Gemenge Furen a Baastenduerf den 1. Abrëll 2003 en Ingénieur technicien agestallt an domadder méi e kompletten technesche Service opgebaut. D'Virdeeler vun dëser Décisioun leien haut, annerhalleft Joer duerno, op der Hand an dës Ëmstrukturéierung huet deenen zwou Gemengen an hire Bierger schonn esou munches bruecht.

Datselwecht gëllt fir den administrative Beräich, wou et nach wie vor Gemenge gëtt, déi nëmmen e Sekretär Deelzäit kënne beschäftegen. An dësem Beräich kann een duerch d'Zesummeleeën an duerch Bündele vu Kräften dem Bierger e bessere Service ubidden an d'Aarbechtskonditioune vum administrative Personal sécherlech nach verbesseren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Och am urbanistesche Beräich ginn d'Ufuerderungen un eis Gemengen ëmmer méi grouss. A wa mer am Kader vun IVL eist Land besser organiséieren, da fänkt dat an der Haaptsaach an de Gemengen un. Des Weidere gëllt et och an Zukunft nach méi spuersam mat eisem Bauland ëmzegoen an eis Uertschafte gutt an nohalteg ze strukturéieren. Dofir brauchen d'Schäfferéit eng gutt Begleedung a Berodung an hirer Gemeng.

Eng Gemeng brauch also e Mindeststaff u Personal an et gëllt hei eis Gemengen un d'Ufuerderungen an un d'Realitéite vun haut unzepassen.

Vill kleng Gemenge kréien et an Zukunft ëmmer méi schwéier hire Bierger op Dauer déiselwecht Liewensqualitéit ze bidden, wéi dat a méi grousse Gemengen de Fall ass.

Wëlle mer eng zweet an eng drëtt Klassegesellschaft um Gemengenniveau verhënneren, da muss grad bei dëse Gemengen d'Bereetschaft do sinn aner Weeër ze goen a sech enger Neiuerdnung vun eise Gemengen net ze verschléissen.

Wëlle mer déi geplangte Regionaliséierung vun eisem Land optimal ëmsetzen, da brauche mer an deene respektive Regioune gutt organiséiert a strukturéiert Gemengen. Si sinn de Garant, dass mat Hëllef vun Entwécklungspläng eng eegen Dynamik entsteet an datt déi eenzel Regioun sech zu engem groussen Deel onofhängeg géréiere kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schwätzt ee mat enger Rei vu Gemengemammen, respektiv vu Gemengepäpp, gëtt oft den interkommunale Syndikat als Alternativ zur Fusioun genannt.

Vill vun deene méi wéi 70 Gemengesyndikater sinn aus enger Noutléisung entstanen, well d'Fusiounspläng an de 70er Jore ganz einfach net de gewënschten Erfolleg haten. Eng Rei vu Syndikater sinn awer och ganz sécher onbedéngt néideg gewiescht, fir bestëmmte Gemengenaufgabe gemengeniwwergräifend ze géréieren. Ech denken hei ënner anerem un Offall.

Mä loosse mer dach awer éierlech sinn, wann een eng elementar Aufgab vun der Gemeng, wéi d'Schoulorganisatioun, respektiv d'Schoulinfrastruktur net méi optimal eleng organiséiert kritt, respektiv als Gemeng a méi wéi zéng interkommunale Syndikater ass, ma da muss ee sech dach eng Rei Froe stellen. Wou bleift dann nach déi sou genannte Selbstständegkeet vun der Gemeng, déi sou genannten Autonomie communale, déi jo esou immens héich geschätzt gëtt?

Also fir awer just nach däerfen ze décidéieren, ob de Pavé um Trottoir gro oder brong ass, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e bësse wéineg. Respektiv wa bei de Budgetsdiskussioune festgestallt gëtt, dass zwee Drëttel a méi vum ordinäre Budget un d'Syndikater geet, ma dat beweist dach, datt déi Gemengen iwwer e groussen Deel vun hirem Budget net méi verfügen. Derbäi kënnt och nach, datt et vill méi schwéier fir deen eenzelne Gemengepolitiker ass d'Iwwersiicht ze behalen an datt an der Gemeng eng demokratesch Kontroll vill méi einfach ass.

Dir Dammen an Dir Hären, am Zäitalter vun engem Europa vun de 25 muss et och méiglech sinn an deem klenge Lëtzebuerg iwwert de Rand vun eisem Teller erauszekucken an eist Land och um Gemengeplang nach méi professionell an efficace ze organiséieren. Heiru musse mer an der Zukunft schaffen. Gutt ass, datt weider Gemengen zur Zäit iwwer eng eventuell Zesummeleeung diskutéieren. D'Zukunft wäert beweisen, dass dat de richtege Wee ass.

Erlaabt mer zum Schluss ervirzehiewen, dass Seng Altesse Royale, de Grand-Duc Henri, bei der Ouverture vun der Chambersessioun 2004-2005 den 12. Oktober d'Wichtegkeet vun der Gemengefusioun ervirgestrach huet. Dëst éiert déi zwou Gemengen an hir Bierger ganz besonnesch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Partei steet voll a ganz hannert dëser Fusioun. Ech bréngen heimadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Kaes. Als nächste Riedner ass agedroen den Här Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun eiser Fraktioun wëll ech selbstverständlech och dem Rapporteur félicitéiere fir dat seltend Evénement, wat mer haut hei hunn. Effektiv ass dat ee Rapport, deen et net all Dag gëtt. Et ass deen éischten, net nëmmen an dësem Jorhonnert, mä souguer an dësem Jordausend vun enger Gemengefusioun.

(Interruptions et hilarité)

Et muss een awer och soen, datt et elo laang ëm d'Gemengefusioune roueg war; nämlech zanter 1978 - a mäi Virriedner huet dat hei gesot - ass et net méi an deem Land hei zu enger Fusioun komm. Firwat datt dat elo esou ass, weess ech net an ech mengen et géif och ze wäit féieren, fir dat haut hei ze diskutéieren. Mä ech mengen, et huet ganz einfach eppes domat ze dinn, datt d'Gemenge kënne selwer décidéieren, wéini datt se wëlle fusionéieren an net. Mir hunn dat Thema d'lescht Joer hei in extenso diskutéiert a wäerten deemnächst nach d'Geleeënheet kréien dat hei ze diskutéieren.

Bon, fir déi, déi mat dësem Gesetz hei awer wollte fusionéieren, dat heescht, de Buergermeeschter, d'Buergermeeschterin, d'Schäffen, d'Conseilleren a selbstverständlech och zwee Drëttel vun der Bevölkerung vun deenen zwou Gemenge Baastenduerf a Furen, freeën ech mech selbstverständlech, datt si dëse Schrëtt hei ge-

maach hunn. Firwat datt si dat wollte maachen a firwat datt si dat gutt fannen, sou wéi den Här Kaes eis dat hei presentéiert huet, wësse si ganz bestëmmt am beschten an et ass och ganz sécher net un eis dat hei ze jugéieren, well si hu jo dat Ganzt aus fräie Stécker hei gemaach.

Si gi selbstverständlech och vum Innenministère dofir belount, well se fir all Awunner - an et sinn der 1.600 un der Zuel - 2.500 Euro kréien, wat bal dräi Milliounen Euro ginn. Déi wäerte si an deenen nächsten zéng Joer kréien, fir da gewësse Projeten ze maachen. Ënner anerem éischtens fir eng nei Gemeng ze bauen, zweetens fir d'Schoul ëm- an auszebauen, fir den Accueil an de Précoce ze schafen, a fir d'Uertschaft Longsdref, net déi vu Bëttel, mä déi vu Longsdref un d'Kläranlag vun der Bleesbréck unzeschléissen. Domat si jo dann och d'Prioritéite vun dësem Gesetz hei genannt. Wéi gesot, Techniker haten déi zwou Gemenge schonn zesummen agestallt, fir déi Aarbecht ze maachen, ier se fusionéiert haten, dofir hu si net brauchen ze fusionéieren.

Fir de Rescht wäert et awer esou sinn, datt fir ganz vill Problemer an esou Gemengen eméi déi hei alles beim Ale wäert bleiwen, well aus zwou méi klenge Gemengen elo eng manner kleng Gemeng gëtt an d'Problemer wäerten déi ebe sinn, déi Gemenge vu 1.500 Leit hunn. Ech erënneren drun, datt mer am Land hei 30 kleng Gemengen hunn. Et bleiwen also elo nach 28 kleng Gemengen an d'Zuel vun deene mëttelklengen oder manner grousse Gemengen, egal wéi een déi nennt, mä déi net an dem Proporzsystem sinn, awer iwwer 1.000 Leit leien, geet jo dann elo vun enger erop, also dann op 51. Dat nächst Joer kënnt jo dann nach eng nei Fusioun derbäi - hunn ech elo an der Zeitung gelies -, do ass jo scho méi laang driwwer diskutéiert ginn, wou d'Gemenge Wëlwerwolz a Kautebaach wëllen zesummegoen. Déi packen et net fir iwwer 1.000 Leit ze kommen - hunn ech gelies - an dofir wäert d'Zuel da vun de klenge Gemengen an deem Fall do nëmmen ëm eng Unitéit erofgoen.

Well d'Problemer also net alleguerte kënne geléist gi mat enger Fusioun, ass d'Fusioun also och nëmmen eng Léisung vun de Problemer. Et gëtt dann och ëmmer hei ervirgestrach, datt d'Fusiounen eng Garantie si fir méi Liewensqualitéit an deenen Uertschaften, wou dat geschitt. Wann ech duerch d'Uertschaften aus der Gemeng Baastenduerf an och duerch d'Uertschaften aus der Gemeng Furen fueren an héieren, wat déi Gemengen deene Leit do alles ubidden, da froen ech mech wat nach do praktesch u méi Liewensqualitéit ze bidden ass, wéi haut schonn do ass. Ech sinn der Meenung, datt et keng Garantie ass. Ech mengen et läit schonn zu engem ganz groussen Deel un deene Leit, déi un der Féierung an deene Gemengen do sinn. Mä egal wéi, ob d'Gemengen 1.000 Leit hunn oder manner wéi 1.000 Leit hunn oder ob se der 1.000 bis 3.000 hunn, ech menge keng vun deene Gemengen, déi fusionéiert oder net, wäert derlaanscht kommen, fir zesumme mat deenen anere Gemengen um interkommunale Plang oder um regionale Plang zesummen ze schaffen. An ech mengen dat bescht Beispill hei ass d'Gemeng Tandel, déi alles in allem aus engem Gemengesyndikat erauskënnt, an dat ass dee vun hirer eegener Schoul. Fir de Rescht wäerte si an deene Syndikater bleiwen, déi haut do sinn. Ausser d'Gemeng Furen géif décidéieren, si géifen elo aus dem Syndikat vum Crématoire erausgoen, mä ech hat éischter d'Gefill gëschter, dass d'Gemeng Baastenduerf géif décidéiere fir och an de Syndikat eranzegoen, esou datt se zesummen an deem Syndikat wäerte sinn.

Mir wäerten also och an Zukunft gehale sinn, nieft de Fusiounen, déi ee Mëttel sinn, zesummen ënnert de Gemengen op engem aneren Niveau ze schaffen. Momentan hu mer eng Méiglechkeet et ze maachen - an Dir wësst wéi dat ass -, iwwer interkommunal Syndikater. Mir hu praktesch keng aner Méiglechkeet zesummen ze schaffen an et versteet een u sech net, datt eng Fusioun - och wann ech dat ka begréissen an deem Fall hei - extra belount gëtt, fir datt se fusionéiert an och fir eng Partie Projeten da speziell Gelder kritt. Do dergéint aner kleng Gemengen an där Gréisstenuerdnung, wéi Dir elo eng sidd, déi zesumme schaffen, awer net ëmmer extra belount gi fir déi Aktivitéiten an déi Initiativen, déi se maachen. Ech mengen, och do muss den Intérieur sech Gedanke maache fir déi interkommunal Zesummenaarbecht méi ze ënnerstëtzen, wéi se dat an der Vergaangenheet gemaach huet.

Wa mer gären hätten, datt d'Gemenge sollen zesummeschaffen, da muss een awer och ënnersträichen, datt déi eenzeg Méiglechkeet, déi mer haut hunn, nämlech déi vun den interkommunale Syndikater, dach awer eng relativ komplizéiert ass an engem dach awer net genuch Sputt gëtt fir einfach emol normal Saachen ze erleedegen. Ech denken do un d'Syndicats à vocations multiples, wéi se an der Vergaangenheet sollte geschafe ginn, wat awer beileiwen alles net esou einfach war. Ech mengen awer, fir d'Autonomie communale ze erhalen an de Subsidiaritéitsprinzip och héich ze halen, wier et wichteg sech Gedanken doriwwer ze maachen, wéi datt d'Gemengen och nach op aner Manéiere kënnen zesummeschaffen.

Ech sinn nach wie vor der Meenung, datt et besser ass datt dat, wat bei de Gemenge ka gemaach ginn, soll bei de Gemenge gemaach ginn, a wat besser zesummegemaach gëtt, datt dat soll zesummegemaach ginn. Ech mengen et soll een awer, an do adresséieren ech mech un den Innenminister, deemnächst de Bilan zéie vun deem wat dat Syndikatsgesetz an de leschte Joren hei erginn huet, gläichzäiteg awer net drop waarden nei Pisten auszeschaffe fir de Gemengen d'Méiglechkeet ze ginn ze schaffen.

Dir braucht nëmmen an déi Länner ronderëm ze goen, obschonn dat méi grouss Länner si wéi eist, mä Frankräich huet jo awer nach ëmmer méi kleng Gemenge wéi mir, déi musse sech jo och Gedanken an déi Richtung gemaach hunn. Eng Fédération des communes, eng Communauté des communes, eng Communauté urbaine gëtt et do. Eng Société d'économie mixte wier och ganz wichteg fir de Gemengen d'Méiglechkeet ze ginn, och am private Beräich kënnen zesummenzeschaffen. An Däitschland sinn et d'Stadtwerke.

Also, do gëtt et eng Partie Iddien, an ech mengen et soll een awer drop hischaffen déi Méiglechkeeten duerchzekucken an déi erauszeschielen, déi hei zu Lëtzebuerg passen. Dat soll een och gläichzäiteg maache mat der Ausschaffung vun deene Regionalpläng, déi mer elo an enger Partie Géigenden dann hei wëlle maachen.

Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech zum Schluss awer selbstverständlech am Numm vun eiser Fraktioun den Accord zu dësem Gesetz hei bréngen an hoffen, datt et de Leit aus de Gemenge Baastenduerf a Furen, deenen et elo scho ganz gutt geet, och an Zukunft an der Gemeng Tandel nach gutt wäert goen.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Rapporteur fir säi Rapport zu dëser grousser Operatioun.

(Hilarité)

Ech géing och de Conseil, besonnesch vun deenen zwou Gemengen, besonnesch d'Buergermeeschteren an d'Schäfferéit félicitéiere fir de Succès an dësem Projet. An dee soll och als Beispill déngen an Zukunft, fir dass aner Gemenge sollen op deeselwechte Wee goen, well d'Fusioune sinn effektiv eng gutt Saach am Intérêt vun der Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Bierger an de Gemengen, an dorëms geet et jo ganz besonnesch.

Säit ausganks de 70er Joren ass et hei zu Lëtzebuerg ëm d'Fusioun vun de Gemenge ganz roueg ginn. Mir hunn näischt méi dovunner héieren, ausser dass mer eng Gemeng haten, d'Gemeng Wëntger, déi jo hire 25. Gebuertsdag viru kuerzem, an zwar am Joer 2003 gefeiert huet, an domadder och zum Ausdrock bruecht huet, dass déi Fusioun och bei hinne gelonge war an dass se frou sinn dass d'Leit, d'Bevölkerung ganz besonnesch frou ass, dass dat zustane komm ass an dass se et haut net bedaueren, dass se dovunner komm ass.

Et ass am Fong eng Iddi, déi ausganks de 60er Jore scho vum deemolegen Innenminister Cravatte an d'Welt geruff ginn ass. Deen hat méi op d'Zentralisatioun vun de Gemengesekretariater oder vun de Gemengerecetten an den techneschen Déngschter gesat, och aus Grënn vun der Effikassitéit, bis dann dunn am Joer 1972 de liberale Minister Eugène Schaus déi Fusiounsoperatiounen do ganz konkret an d'Hand geholl huet an e Schema gemaach huet wéi een d'Land kënnt andeelen, fir eng reduzéiert Zuel vu Gemengen hei zu Lëtzebuerg ze kréien. Dem deemolegen Innenminister Wohlfart ass et du gelonge fir véier Fusiounen ze maachen, wouduerjer dann dunn d'Zuel vun de Gemenge vun 126 op 118 erofgesat ginn ass.

D'Gemenge Furen a Baastenduerf hunn dat gemaach, nodeem dass se eng gutt Erfahrung gemaach haten um Plang vun der Zesummenaarbecht am Schoulwiesen an och am Sport. Si hu Schoulinfrastrukturen a Sportinfrastrukturen iwwert de Wee vun engem Syndicat intercommunal opgeriicht an hunn dunn awer fonnt, dass et besser wier fir ze fusionéieren. D'Fusioun huet dunn d'Effeten, huet dunn d'Aarbechte vun deem Syndikat do absorbéiert.

Et ass och vill méi Transparenz do, wann déi Schoulinfrastrukturen, d'Schoulorganisatiounen um Plang vun de Gemenge geschéien, well d'Syndikater, dat wësse mer jo, och wa mer 2001 en neit Gesetz geschafen hunn, fonctionnéieren net optimal. Mir hunn d'Erfahrung gemaach mat deem neie Gesetz, an déi Leit, déi an de Syndikater sinn, fannen ech, schaffen net esou professionell wéi dat an de Gemenge geschitt.

Dofir nach eng Kéier Félicitatiounen un déi zwou Gemengen an et soll och weider esou goen.

Ech mengen, et wier och gutt am Sënn vun der Ëmsetzung vum Programme directeur d'aménagement du territoire - Här Scheuer, hutt Dir eng Fro?

M. Henri Grethen *(DP).-* Den Här Scheuer wëllt lech eng Fro stellen.

(Hilarité)

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Här Scheuer, Dir wäert jo net ee Problem mat der Fusioun hunn, well Dir braucht dat zu Iechternach jo net - souwisou wier keen d'accord fir mat Iech ze fusionéieren.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Här Klein, däerf ech trotzdeem eng Fro stellen? Ech brauch dem Här Klein jo net ze soe wéi gutt d'Gemeng Iechternach fonctionnéiert.

(Brouhaha général)

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Dat héiert een iwwerall, jo.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Ech wollt den Här Klein och a senger Qualitéit als President vum Syvicol froen, ob wierklech net eng Initiativ noutwendeg ass fir dat Syndikatsgesetz ze reforméieren, wat jo awer elo grad vum Här Klein ganz kritesch an d'Luucht gestallt ginn ass.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Ech sinn der Meenung, dass dat misst reforméiert ginn op grond vun deenen Erfahrungen, déi mer déi lescht Joren do gemaach hunn. Mir wäerten och dofir suerge fir dat an d'Wee ze leeden, fir do eng Korrektur drun ze maachen.

M. le Président.- Ech gesinn d'Harmonie an der sozialistescher…

(Brouhaha général)

Här Klein, ech wollt lech biede virunzefueren.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Ech géing soe méi grouss Unitéite passe besser an d'Exekutioun, an d'Ëmsetzung vum Programme directeur d'aménagement du territoire an an d'Theorië vum IVL, an dofir géing ech en Appel un alleguerten déi kleng Gemenge maache si sollten Effortë maachen…

Une voix.- Hutt Dir eng kleng?

M. Emile Calmes *(DP).-* Den Här Klein mengt Walfer a Steesel.

(Hilarité)

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* …fir méi iwwert d'Fusiounen nozedenken an dat ze realiséieren.

Iwwregens, Här Innenminister, dat wäert lech et och méiglech maache fir Är Iddi fir de bezueltene Buergermeeschter, de Beruffsbuergermeeschter anzeféieren, fir dee Projet méi einfach ëmzesetzen, woubäi ech lech och vill Succès wënschen. Mä ier mer do sinn, ier mer de Beruffsbuergermeeschter agefouert hunn, géif ech awer elo vun der Geleeënheet profitéieren, fir och nach eng Kéier en Effort ze maachen, well et ass jo dat wat Der nach virun e puer Méint matgefuerdert hutt, fir deene Leit, déi an de Gemenge schaffen, déi do vill beschäftegt sinn, d'Buergermeeschteren, d'Schäffen, fir deenen hire Congé politique eropzesetzen.

Merci am Viraus an, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn den Accord zu dësem Projet de loi vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Als leschte Riedner ass den Här Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sécherlech ass d'Fusioun vu Baastenduerf a Furen am Prinzip eng gutt Saach, an dofir bréngen ech och direkt am Ufank vu menger Interventioun d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun. Erlaabt mer awer an dëser allgemenger Atmosphär vu Weirauch an Euphorie e puer méi kritesch Gedanken oder Froen ze stellen zu dëser Fusioun am Speziellen an zu de Gemengefusiounen am Allgemengen.

Zu dëser Fusioun am Speziellen. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fro, déi mer eis jo musse stellen ass: Léist d'Gemeng Tandel d'Problemer vun de Gemenge Baastenduerf a Furen? An ech mengen, wann een eng Äntwert wëllt op dës Fro fannen, da muss ee realistesch sinn a soen: Nëmmen zum Deel. Well mat 1.500 Awunner, do si mer eis eens, ass et sécherlech méi einfach ze schaffe wéi zu zweemol zu 750. Mä mer sinn eis awer och eens, dass domat nach laang net all Problemer geléist sinn.

Déi finanziell Problemer si sécherlech net geléist, well déi nei Gemeng huet zumindest fir hir Fonctionnementskäschten net méi Suen, neen, si huet der souguer liicht manner. Wouduerch? Déi Leit, déi sech e bëssen an der Verdeelung vun de Gemengefinanzen auskennen, wëssen, dass all Gemeng eng Dotation de base kritt vu ronn 100.000 Euro an déi zwou Gemengen hu selbstverständlech bis elo zweemol déi Dotation de base kritt, kréie se awer elo nëmme méi eemol. Si maachen dat zwar deelweis wett, doduerch dass se amplaz fir siwe Conseilleren och elo e Bäitrag kréie fir eelef, mä dat mécht dat net ganz wett; dat heescht fir hir Fonctionnementskäschten huet déi nei Gemeng manner Sue wéi déi al.

Dat wëll ech awer mol opwerfen, dat ass klipp a kloer. Dir hutt virdrun 200.000 Euro kritt, Dir kritt der lo ongeféier zesummen 173.000 Euro. Dat ass zwar net vill manner; dat si ronn 25.000 Euro; dat ass 1 Millioun Lëtzebuerger Frang d'Joer manner. Dat ass schwaarz op wäiss nozeliesen, dat ass ganz einfach esou. Mir sinn eis eens, datt dat lo net d'Welt ausmécht, mä ech wëll awer betounen, datt scho mol fir mech e Schwaachpunkt vun der aktueller Fusiounsmanéier ass, dass eng nei Gemeng finanziell…

M. Ali Kaes *(CSV).-* Här Gira, dat ass net ganz richteg.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Et ass ganz richteg.

M. Ali Kaes *(CSV).-* Neen, et ass net ganz richteg. Är Rechnung ass richteg, mä dat ass nëmmen en Deel vun der Rechnung. Et gëtt awer och eng ganz Rei Käschten, déi manner ginn. De ganze Fonctionnement vun engem Syndikat fält ewech. Ech ginn nëmmen ee Beispill: Mir hunn eng Schoul ëmgebaut, déi mir dem Syndikat iwwerginn hunn; dat war d'Schoul vun Tandel; dat huet dozou gefouert, datt, well mir se jo enger anerer Struktur iwwerginn hunn, dat Ganzt enorm Käschte mat sech bruecht huet. Alles dat hätte mir net gehat, wa mir du schonn eng Gemeng gewiescht wären. Dann dee ganze Fonctionnement vum Syndikat als solchen, wou am interkommunale Gesetz steet, datt ee misst e Sekretär zu 25% an e Receveur zu 25% astellen a sou weider. Wann ech déi Käschten alleguerten huelen, da weit dat dat, wat Dir lo gesot hutt, Här Gira, absolut op.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här Kaes, wann Dir mech fäerdeg schwätze gelooss hätt, dann hätt Dir héieren dass ech gesot hunn, dass een natierlech bei de Servicer, déi een ubitt, ka rationaliséieren. Ech bleiwen awer bei menger Meenung, datt d'Gronddotatioun, déi ech hunn, fir meng Gemeng ze organiséieren, op jiddfer Fall net substanziell an d'Luucht geet, neen. Ech stelle souguer fest, dass mol déi primär Revenuen, déi ech hunn, héchstens gläich bleiwen, wann net esouguer liicht erofginn. Ech kann natierlech deelweis bei de Servicer rationaliséieren, do si

mir eis eens, mä ech stellen awer och fest, dass zumindest an enger Iwwergankszäit dat net méiglech ginn ass, mat deem Personal wat muss iwwerholl ginn. Ech weess net wéi al déi Leit sinn, déi do iwwerholl ginn, mä substanziell ginn Är Käschten am alldeegleche Verbrauch net erof.

Ech sinn d'accord, dass déi nei Gemeng mat hire 1.500 Awunner an deem Beamtestaff, dee se huet, méi Servicer kann ubidden. Ech wëll awer bleiwe bei menger Meenung, wann d'Evolutioun vun de Gemengefinanzen eventuell sou dramatesch méi schlecht gëtt, wéi een et ka virausgesinn, wann ee gewëssen Donnéeën huet, da steet eng Kéier d'Gemeng Tandel net wesentlech besser do wéi déi zwou Eenzelgemenge virdun. Déi Meenung hunn ech, an där bleiwen ech och trei, an ech sinn och iwwerzeegt, dass dat sech wäert weisen.

Mä och am Beräich vun de Servicer muss ee feststellen, eng Gemeng vu 1.500 Awunner kann nach vläicht sou just eng Structure d'accueil fir sech ubidden. Dat geet vläicht just eraus. Fir eng Crèche ass sou eng Gemeng scho bal ze kleng, vun enger Schwemm net ze schwätzen, och e Jugendhaus, en Altersheim, e Chancëgläichheetsservice a sou weider a sou fort si sécherlech och nach net an där Gréissenuerdnung méiglech.

Dofir muss een d'Fro stellen: Wat ass dann awer d'Masse critique vun enger Gemeng, wa se wëllt am 21. Jorhonnert selbststänneg iwwerliewen? Do si scho Chiffere genannt ginn, deelweis och scho vum fréieren Innenminister, dee war, wann ech mech net ieren, bei 5.000 gelant.

(Interruption)

3.000? 3.000, dat heescht, dat wier nach eng Kéier dat Duebelt vun deem heiten. Dovunner si mir op jiddfer Fall heimat nach wäit ewech, dofir muss een déi Fro awer kritesch stellen, ob mir hei bei der Masse critique sinn, fir och an 20, 30 Joer iwwerliewensfäeg ze sinn.

Dann zu e puer méi kritesche Froen am Allgemengen. Ech hunn dat Gefill, datt mir eis eens hei sinn, am Prinzip Fusiounen – jo, mir schéngen eis och eens ze sinn, wa Fusiounen, da fräiwëlleg. Ech mengen, et ass e Konsens heibannen. Mä ech fannen, dass mir awer lo mussen oppassen. Ech fannen et och positiv, dass iwwerhaapt déi Thematik erëm um Ordre du jour ass. Ech fannen et och gutt, dass eng Rei Leit virginn, dass anerer noginn, mä ech fannen, ier awer lo eng gréisser Dynamik entsteet, wier et awer gutt, dass mir eng grondsätzlech Diskussioun géinge féieren, dass mir awer minimal Kritären aféiere fir déi Fusiounen, déi nach solle kommen, an zwar haaptsächlech iwwert d'Masse critique.

Ech hunn dann och matkritt, eben, dass déi nächst Fusioun déi vu Kautebaach a Wëlwerwolz ass. Do fusionéieren zwou Gemenge vu ronn 500 jeeweils, da si mir herno bei 1.000. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir sidd jo awer mat mir eens, do ass d'Plus-value vun där Fusioun awer relativ kleng, well ech mengen, mir sinn eis och eens heibannen, datt eng Gemeng vun 1.000 Leit nach laang net duergeet. Do si mir awer wierklech ganz wäit ewech vun enger Masse critique, an do muss ee sech awer wierklech froen: Ass dat dee ganzen Opwand wäert? Well ech ka mir virstellen, datt dat vill Opwand ass, och fir déi Responsabel an deene Gemengen. Sou eppes mécht een net vun haut op muer, sou eppes huet een net vun haut op muer an de Käpp vu senge Bierger a Biergerinnen. Dofir muss ee sech awer d'Fro stellen, ob et Sënn mécht esou kleng Fusiounen ze maachen.

An och wa mir eis eens sinn, Här President, dass mir fräiwëlleg Fusioune maachen, fannen ech, dass mir awer eng Kéier missten driwwer schwätzen, fir zumindest e potenziellt Schema, eng Kaart iwwer Lëtzebuerg ze leeën, well wa mir dat do lo sou gewäerde loossen, a mir kréien - wat ze hoffen ass, a wat ech och hoffen - eng gewëssen Dynamik dran, dann ass et awer riskant jiddfereen total maachen ze loosse wat e wëllt a mat grad deem ze fusionéieren, deem säi Buergermeeschter seng Nues vläicht de Moment him am beschte geet, oder wou en dat Gefill huet, an där Gemeng hirer Keess wieren de Moment awer méi Sue wéi anzwousch anescht. Da riskéiere mir awer kontraproduktiv ze ginn an da riskéiere mir herno op der Landschaft eng Rei wäiss Flecken ze hunn, wou vläicht déi eng oder aner ganz kleng Gemeng herno kee Partner méi fënnt, an da weess ech awer net, ob mir schlussendlech gutt geschafft hunn, oder ob mir deelweis d'Ongläichgewiichter iwwer Lëtzebuerg net méi grouss maachen, wéi mir se lo deelweis hunn.

Dofir nach eng Kéier fir dat ze résuméieren: Fusioune jo, mä awer trotzdeem an engem gewësse Kader, well soss fäerten ech kann et kontraproduktiv ginn.

Da musse mir an där Diskussioun awer och d'Fro stellen, ob mir déi Ziler, déi mir mat enger Fusioun oder mat Fusioune wëllen erreechen, net iwwer aner Moyenë kënnen erreechen. Ech perséinlech sinn a bleiwen der Meenung, dass do déi besser Organisatioun vun der regionaler Zesummenaarbecht zu engem gudden Deel kann datselwecht erreechen. Ech hunn e Beispill, wat ech ganz gutt kennen, dat ass d'Beispill vum Kanton Réiden, wou haut ronn 14.000 Awunner an Awunnerinne wunnen. Do sinn zéng Gemengen. Do fënnt een elo d'Servicer; wann een an déi Regioun wunne geet, kritt ee seng Basisservicer an deene jeeweilege Gemengen ugebueden: Populatioun, État civil, Schoul, Drénkwaasser an Ofwaasser ass deelweis schonn um lokale Plang. Dann ass et awer esou, dass een de Rescht um regionalen Niveau fënnt, an zwar eng ganz Rei Servicer: Mir hunn eng regional Crèche, mir hunn e regionaalt Jugendhaus, mir hunn eng ganz flott regional Schwemm, mir hunn en Genderhaus, mir hunn en Altersheim, mir hunn eng Energieberodung, mir hunn e Waasserhaus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do si ganz vill Servicer dobäi, déi een haut souguer a ville gréissere Gemengen nach net fënnt. Wann ech elo mol héichrechnen an ech géif mir virstellen, datt de ganze Kanton Réiden géing vläicht aplaz aus zéng Gemengen nach aus fënnef bestoen, dann hätt dee ganze Kanton jo 35 Milliounen Euro zegutt, wann ech dat héichrechne mat 2.500 Euro pro Awunner.

Abee ech soen lech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech de Choix hätt fir dës 35 Milliounen ze kréie fir Investissementer a Bëton ze maachen, wéi et lo bei de Fusiounen ass, dass déi Sue geholl gi fir eng nei Gemeng ze bauen, eng nei Schoul, eng Crèche a sou weider a sou fort, an d'Alternativ wier, datt een déi Fusiounen am Réidener Kanton net géif maachen an de Réidener Kanton krit vun der Regierung während 40 Joer deeselwechte Montant - dat ginn ongeféier ronn 40 Millioune Lëtzebuerger Frang pro Joer -, dann ass mäi Choix, Dir Dammen an Dir Hären, ganz séier gemaach als Buergermeeschter vun enger vun deene Gemengen. Da verzichten ech ganz gär op d'Fusioun an ech géif déi Suen huelen, fir e multidisziplinäert Team vun enger Dose Leit zu Réiden anzestellen, déi dofir géife suergen datt déi puer Servicer, déi eis am Eck, wann iwwerhaapt, nach feelen, datt mer déi kéinten héich qualifizéiert ubidden. Ech mengen, da kéinte mir eise Leit am Eck méi eng héich Liewensqualitéit bidde wéi se haut schonn ass, an deelweis vläicht méi eng héich Liewensqualitéit wéi se soss doruechter ass.

Dofir, mengen ech, sollte mir eis et wierklech gutt iwwerleeën, mat wéi enge Moyenë mir wat wëllen erreechen an net lo eng Dynamik, déi prinzipiell positiv ass, awer einfach lafe loossen, ouni dass mir eis Gedanke maachen.

Wa mir bei de Sue sinn, sinn ech net iwwerrascht, mä ech stellen awer fest, dass hei fir d'Fusioun e ganz klore politische Wëlle schéngt do ze sinn, deen awer och substanziell ënnerstëtzt ginn ass - ech mengen 2.500 Euro pro Awunner ass net näischt. Ech stellen awer fest, dass bis elo déi regional Zesummenaarbecht, mat Ausnahm vun den Naturparken, awer net déiselwecht politesch Ënnerstëtzung um Regierungsniveau kritt huet. Et gëtt kee Kredit fir prinzipiell kommunal, regional Zesummenaarbecht ze ënnerstëtzen, a wann ech d'Beispill vum Réidener Kanton däerf zielen, esou hu mer zwar punktuell fir gewësse Projeten, déi mer gemaach hunn, sécherlech staatlech Hëllef kritt. Mir hunn awer bis haut, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Kooperatioun iwwer 15 Joer nach kee Su, kee Frang a keen Euro Geld kritt, spezifesch fir déi regional Zesummenaarbecht.

Ech wier frou, wa mer endlech dee laang gefuerderte Plan régional géinge kréien, dass et endlech méiglech wier, dass Gemengen, déi regional Zesummenaarbecht maachen, net méi aarm sinn a manner Suen an hirem Budget hu wéi déi, déi d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn a plädéiere fir eng regional Zesummenaarbecht, an dass mer endlech Kreditter kréien, net fir a Bëton ze investéieren, mä fir Leit anzestellen um regionalen Niveau, fir dass mer eng uerdentlech regional Entwécklung konform zu engem IVL kënnte maachen. Dofir, Här President, meng Konklusioun.

An eisen Ae si Fusiounen an Zesummenaarbecht kee Selbstzweck. Mir mussen och dofir eng Evaluatioun no gewëssenen Zäite maachen, a wann den Här Kaes aus engem Artikel aus dem Lëtzebuerger Wort zitéiert huet, da kann ech lech e ganz aneren an dësem Kontext weisen. Deen ass zwar nëmmen am Norde verdeelt ginn. Do geet et iwwert d'Gemeng Rammerech: „Die d'Fusionsgemeinde Rambrouch, von der Traufe in den Regen". Net all Fusioun ass och gelongen an deem Land hei. Et kann een net - an dat huet schonn e Virriedner gesot - dovun ausgoen, dass all Fusioun e Succès gëtt. Ech mengen, mir mussen emol eng Evaluatioun maachen iwwert déi puer Gemengen, déi se gemaach hunn. Ech weess, dass zumindest an enger eng ganz zolidd Katerstëmmung ass. Dofir gëtt et eng ganz Rei Ursaachen, mä zumindest muss een awer och erkennen, dass dat net de Schlëssel zum Gléck ass fir all Gemeng a fir all Regioun. Dofir, wann ech gelift, e bësse méi Skepsis virun deem ganze Prozess. Mir mussen dat évaluéieren, mir mussen et weider entwéckelen.

Eng Fusioun an de 70er Jore vum 20. Jorhonnert ass eppes anescht wéi eng Fusioun am Ufank vum 21. Jorhonnert. Dat sinn net déiselwecht Problemer, déi mer dobaussen hunn. Et sinn net déiselwecht Argumenter. Et sinn net déiselwecht Besoinë vun de Leit. Dofir musse mer dat upassen.

Ech mengen, d'Zil vu Fusiounen oder vun Zesummenaarbecht muss sinn, d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Leit, en effikassen Asaz vun den öffentleche Gelder, eng nohalteg Gestioun vum öffentlechen Territoire a schlussendlech d'Stäerkung vun der Demokratie an der Participatioun, a mir sollen intensiv a laang driwwer diskutéiere mat wéi enge Moyenen dass mer déi Ziler do am beschten erreechen.

Dofir ganz zum Schluss, Här President, fir déi Gréng ass et kloer, Fusioune si keen Zil u sech, mä héchstens e Mëttel zum Zweck. Fusioune jo, mä net egal wéi an net egal wou. A schlussendlech ob Fusiounen oder net, mir brauchen doniewent awer e Fonds régional fir regional Zesummenaarbecht flächendeckend ze kréien.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Domat ass d'Generaldiskussioun vun dësem Projet ofgeschloss. Mir héieren elo nach d'Stellungnahm vun der Regierung an duerno komme mer zum Vote vum Projet de loi. Den Här Innenminister Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet zéng Minutte bei esou engem wichtege Projet an ech wëll mech och gréisstendeels un déi Zäit halen. Ech mengen, et wier haut och net de Moment fir e groussen Débat ze féieren iwwert d'Organisatioun an d'Aufgabe vun de Gemengen. En Débat iwwert d'Fusioun eleng ze féiere wier awer och falsch.

Ech stelle mat Zefriddenheet fest, dass mer am Fong geholl mat dësem Gesetz en natierleche Prozess op en Enn bréngen. Den Här Klein huet dat virdrun als grouss Operatioun duergestallt. Ech géif soen, am Fong geholl hëllefe mer hei e Kand op d'Welt ze setze wat en anere Minister, mäi Virgänger, de Michel Wolter gezeugt huet, an esou ass dat nun emol...

(Hilarité)

Mä et ass esou an dat Kand ass sécherlech bei gudder Gesondheet, well et ass jo nom Prinzip vun der Autonomie communale an der Autonomie locale gezeugt ginn an dofir sinn ech iwwerzeegt, dass dës Story - de Buergermeeschter, den Här Kaes, vu Baastenduerf huet se jo als „success story" dohinner gestallt - a mengen Aen och eng - en anert flott Wuert wat haut och vill gebraucht gëtt - „win-win-situatioun" ass, wou jiddereen dobäi gewënnt, well eben d'Fusioun fräiwëlleg war.

D'Fusioun ass vun de Bierger gedroen. Et war e Referendum vun de Leit. Den Här Kaes huet dat virdrun ugeschwat. D'Charte européenne de l'autonomie communale gesäit dat jo vir an dat ass och gemaach ginn an et ass e Wëllen do fir dës natierlech Fusioun ze maachen. Well natierlech ass se, well si huet jo laut dem Här Kaes zéng Joer gedauert. Et ass 1994 ugaangen. Vun 1996 un ass dee Syndikat gegrënnt gi fir d'Schoul, wat also beweist, dass am Fong geholl déi zwou Gemenge sech iergendwéi unënee gewinnt hunn.

Et ass eng laang Kooperatioun komm an d'Kanner stinn am Mëttelpunkt, an dat fannen ech och wichteg. Dat soll een ervirsträichen, well et si jo d'Kanner déi d'Gesellschaft vu muer maachen, déi eis Gemenge vu muer maachen an et ass ganz kloer, egal wéi een dat kuckt, eng Fusioun gëtt sécherlech deenen heiten zwou Gemenge besser Méiglechkeeten, well mat 1.600 Leit hu se aner Perspektive wéi mat 800 Leit, esou dass et kloer ass, dass d'Fusioun e gutt Mëttel ass ënnert ville Mëttelen, an dat Mëttel sollt een och, à fur et à mesure wéi een am Beräich vun der Organisatioun vun eise Gemenge virukënnt, ëmmer évaluéieren.

D'Regierung ass sech ganz kloer bewosst, dass e Problem do ass, dass verschidde Gemengen un hire finanzielle Capacitéiten heiansdo bal scheiteren an dass een do muss Léisunge fannen, awer déi Léisunge musse fräiwëlleg sinn. Et kann net einfach mat Briecheisen hei geschafft ginn.

Wat ee muss ervirsträiche bei Fusiounen, well dat jo ëmmer global esou gesot gëtt, et gëtt dozou e gewëssene Programm. Et gëtt éischtens emol e Programme de fusion, wou alles drasteet wat geschitt. Dat sinn d'Invester, déi getätegt ginn. Et ass eng positiv Saach, a parallell dozou gëtt et jo an dësem Fall och eng Konventioun tëschent deenen zwou Gemengen, wou nach aner méi kleng Aarbechte festgehale ginn. Et ass also eng positiv, horizontal Zesummenaarbecht tëschent Ministère an tëschent der Gemeng. Ech mengen, aus deem Bléckwénkel eraus ass et eppes ganz Positives an ech fannen et net onbedéngt déi beschten Aart a Weis, wann een dat wëllt zerrieden, esou wéi den Här Gira dat wollt maachen, loosst mer soen, net total zerrieden.

(Interruption)

Dir hutt gesot, e Schwaachpunkt vun dëser Fusioun wier déi Dotation de base. Et ass richteg, dass d'Dotation de base e bësse fält. Mä ech wëll lech déi Chifferen awer nennen, fir dass d'Leit dobaussen och wësse vu wat mer hei schwätzen.

Virun der Fusioun hunn déi zwou Gemengen 198.304 Euro kritt. No der Fusioun kréie se 24.779 Euro manner. Mä d'Avantagen - si si virdru schonn deelweis ugeklongen -, nëmme méi eng Gemeng anstatt vun zwou. Et ass manner Aarbecht do. D'Aarbecht kann anescht opgedeelt ginn, méi effizient opgedeelt ginn. Si brauche manner Raimlechkeeten. D'Infrastrukture si méi kleng. Et gëtt nëmme méi ee Sekretär bezuelt, wou der virdrun zwee bezuelt gi sinn.

(Interruption)

Neen, laangfristeg gëtt nëmme méi ee Sekretär bezuelt. D'technesch Equipementer vun der Gemeng kann een anescht organiséieren. D'Syndikat gëtt et net méi. Et gëtt also do am Fong geholl och kee Sekretär méi a kee Receveur méi fir de Syndikat, wou och Sue kënne gespuert ginn. Et sinn also Aspuerungspotenzialer do, mä wat ech wichteg fannen, dat ass dass eng grouss Symbolik dran ass an doriwwer eraus, hunn ech jo gesot, kann een den Invest besser guidéieren an et kann een dee besser maache wéi virdrun, esou dass ech mengen, dës Fusioun wier eng gutt Äntwert fir Gemengen déi zesumme musse schaffen, a mir wäerten och an Zukunft dës Prozesser begleeden. Mir wäerte se net forcéieren, well si entstinn ëmmer natierlech. Wéi deen hei natierlech entstanen ass, wäerten och anerer entstoen.

Wann ech déi kleng Gemenge wéi Wëlwerwolz a Kautebaach huelen, wann déi fusionéieren, do kréie mer sécherlech e positive Geescht, mä do kënnt och ënnert dem Strëch, wann een dat mat Geld oder mat soss Instrumenter wëllt moossen, net esouvill dobäi eraus, mä et ass einfach de Wëlle fir eng optimal Leeschtung ze maachen an der Gemeng. Déi fannen ech gutt.

Op där anerer Säit ass jo virdrun dat Wuert Wëntger gefall. D'Gemeng Wëntger ass zum Beispill zéngmol méi grouss am Territoire wéi d'Gemeng Péiteng. Et wunnen awer vill manner Leit do. Dat gëtt och Méiglechkeete fir d'Zukunft an der Gemeng. Dat ass jo e Phenomeen, deen iwwert d'Zäit weidergeet, an d'Gemenge musse sech fit maachen, wéi Dir et och gesot hutt, Här Gira, fir an den nächsten 20 oder 50 Joer optimal ze schaffen. An ech wëll gär déi Diskussioun eng Kéier hei féieren, wéi mer dat sollen organiséieren, an ech sinn iwwerzeegt dass mer vill Punkte fannen, wou mer eis erëmfannen, notamment zum Beispill an der Regionaliséierung, an do sinn ech d'accord mat deem wat Dir gesot hutt, Här Gira, dass een an Zu-

kunft soll eng regional Zesummenaarbecht mat Kreditter féieren. Dat ass eng kloer Ausso, déi ech hei wollt maachen. De Fonds régional ass e Moyen fir zesummen ze schaffen ënner Gemengen. Ob et dee beschte Moyen ass, dat musse mer nach kucken.

Eng grondsätzlech Diskussioun wëll ech gären nach eng Kéier hei an der Chamber féieren, dat ass dat wat der och virdrun ugeschwat hutt, fir eng Evaluatioun ze maache vun de Fusiounen, ob do vill derbäi erauskënnt. Dat ass schwiereg, well all Gemeng ass anescht. Mir hunn 118 Gemengen, si sinn all verschidden an et kann ee se net all an een Dëppe geheien. Mä kloer ass, eng Diskussioun iwwert d'Masse critique wëll ech gären nach eng Kéier féieren, wou ech weess, dass den Här Wolter zwëschent 3.000 a 5.000 ëmmer tendéiert huet. Dat muss ee kucken. Well dat ass och e Phenomeen dee weidergeet an ech wëll och eréischt déi Diskussioun vum Congé politique, déi den Här Klein ugeschwat huet, da féieren, wa mer e globaalt Konzept hunn. Datselwecht gëllt och fir de bezueltene Buergermeeschter, wou ech mengen dass dat eng Issue wier déi gutt wär, mä déi kann een net eleng diskutéieren, déi muss een am ganz Kontext diskutéiere vun der Organisatioun vun eise Gemengen, wat hir Leeschtunge sinn, wat hir Servicer sinn. Et gi grouss Gemengen an et gi kleng Gemengen an et muss ee kucke wat déi eng a wat déi aner kënne maachen.

Ech sinn och der Meenung, dass eng Gemeng, doriwwer eraus dass se Service-Provider ass, am Fong geholl och d'Territorialitéit representéiert. Mir hunn zwee Niveauen - mir hunn d'Gemengen an de Stat - a sinn e Stéck vun der Identitéit vun de Bierger, déi do wunnen. Dofir muss een och ëmmer iwwerleeën, wann ee Gemengen ofschaaft, da geet e Stéck Proximitéit fort, da muss ee kucke wat dat eis bréngt oder eis net bréngt.

Kloer ass awer - an dat huet den Här Klein ugeschwat a richteg gesot -, d'Weiche fir d'Zukunft sinn op d'mannst gestallt wat d'Landesplanung ugeet. Do hu mer en neit Gesetz, den Aménagement communal, an do gëtt verlaangt eng gewësse Leeschtung an de Gemengen ze bréngen; notamment wat den Techniker ugeet, wat den Urbanist ugeet. Do mussen d'Gemenge sech prett maachen an dat zielt och fir de Programme directeur de l'aménagement du territoire. Dat si Schinnen, déi leie fest, an do mussen déi eenzel Gemenge kucke wéi eng Äntwert si dorop fannen, fir dann eben hei an dësem Beräich kënne matzehalen.

Kloer ass et also, dass mer mat dësem Gesetz, dat mer dann haut hei an der Chamber verabschiden, eng Symbolik maachen déi gutt ass. Mir hunn am Fong geholl hei en Idealfall fäerdeg bruecht an der Form an am Fong. Mir ginn elo da vun 118 op 117 Gemengen erof an d'Masse critique - an dësem Fall war dat d'Schoul, dat huet och eng gewësse Symbolik, well d'Kanner domat associéiert sinn - wäert gutt sinn an déi musse mer nach an Zukunft diskutéieren.

Ech hunn et gesot, wann zwou kleng Gemenge fusionéieren, da behale mer eng kleng Gemeng. Dat ass richteg. Mä wat wichteg ass ass, dass dee Schrëtt awer an déi richteg Richtung geet. Dat heescht dass ee seet, mir wëlle méi effizient ginn, mir wëlle besser schaffen. An ech si ganz kloer fir eng step by step - géif ech soen - Approche dozou, well hei kann een och bereien - an dat muss een och soen -, dass Veianen sech net associéiert huet, an ech weess dass Veianen hei och an der Diskussioun war, dass si erausgeklomme sinn. Et wier och vläicht besser gi wa Veianen sech och nach associéiert hätt.

Mä net ëmmer dee schnelle Wee ass dee beschte Wee an d'Effizienz vum Resultat däerf een net nëmmen dorunner moossen, mä et muss een dovunner ausgoen dass mat dësen Diskussiounen, déi mer hei féieren, eng gewësse Bewusstseinserweiterung an eise Gemenge kënnt, dass een am Fong geholl agesäit, dass et net méi kann esou weidergoe wéi et bis elo geet an dass ee gesäit wou d'Limitë si vun eise Gemengen. Well eis Bierger verlaangen ëmmer méi a mir sinn do gefuerdert hinnen eng Äntwert ze ginn.

D'Servicer sinn natierlech nëmme méiglech ënner verschiddene Konditiounen an do ass déi finanziell Approche déi wichtegst. A wann ee Saz richteg ass, dann ass et deen, dass eng Leeschtung säi Präis huet an et kann een net all Leeschtung zu all Präis maachen, an dat wäerte mer och gesinn an Zukunft an deenen nächste Méint oder am nächste Joer, wa mer iwwert d'Kaderdirektiv vum Waasser zum Beispill schwätzen, wou mer wäerte feststellen dass mer de reelle Präis musse beim Waasser rechnen, an da gesäit ee wat dat eent an dat anert bréngt. An da wäerte mer déi Diskussioun, déi hei virdrun ugeklongen ass vun de Syndikater, kréien. Well et ass kloer, dass eng Multitude vu Syndikater déi ganz Saach net méi einfach mécht, mä nach méi komplex an och nach méi deier. A besonnesch am Waasserberäich kéint ech mer virstellen, dass een do misst kucken ze homogeniséieren an och do Fusiounen an d'Aen ze faassen oder Méiglechkeeten do méi doduerch ze gesinn.

An am selwechten Otemzuch wëll ech och soen, dass ech et, géif ech bal soen, scho keck fannen - ech mengen dat wier dat richtegt Wuert -, dass et Gemenge ginn hei an eisem Land, déi a 14 Syndikater sinn; an déi Kaart si mer amgaangen ze dresséieren. Do muss ee sech iwwerleeën, wat do nach bleift an Eegeregie a wat do alles iwwer eng Tëschenetapp verabschit gëtt. Dat sinn Diskussiounen, déi ech gäre wëll féieren, an déi wäerten eis och weise wéi eng Leeschtunge fir wéi eng Gemenge méiglech sinn a wéi eng net méiglech sinn.

Eppes soen ech lech just, d'Bierger, déi sinn Demandeur a si moossen d'Politiker un de Resultater, an dat wäerte si och bei deenen nächste Gemengewahle maachen. An ech sinn och bereet eng Diskussioun am Kader vun dëse Gemengewahlen ze féieren, fir dass déi Gemengen, déi e Wëllen hu sech méi performant ze gestalten, dass déi solle beim Bierger dobausse méi e grousst Ouer kréien. Well net all Gemeng kann all Leeschtung bréngen a si musse sech eben esou outilléieren, dass dat méiglech ass.

An déi regional Elementer, déi do mussen afléissen, do wëlle mer och - dat ass ganz kloer - diskutéieren iwwert déi Modeller, déi et ginn. Ech wëll se nach eng Kéier nennen: Modell 1, d'Struktur ass d'Fusioun. Fir mech ass dat déi Effizientst, si optimiséiert a mécht déi ganz Zesummenaarbecht transparent a si ass och ganz no beim Bierger. Déi zweet Méiglechkeet, déi mer hunn, ass entstanen iwwert d'Syndikater, an déi ass an de 70er Joren entstanen an dat war d'Äntwert op déi Zäit vun de 70er Joren, wou kee wollt fusionéieren, wou gemengt ginn ass, et wier eng Äntwert iwwert déi Syndikater. Dat ass déi zweet an déi läit am Fong geholl net esou no bei de Bierger, do gëtt ganz vill indirekt décidéiert. Et sinn Décisiounen, déi falen net direkt am Gemengerot, oder schonn direkt, mä aner Décisioune falen indirekt. Et ass manner Transparenz do an et ass en Zwëschenniveau an engem gewësse Sënn, well mir hunn de Stat a mir hunn d'Gemengen a wa mer Syndikater hunn, dann hu mer en Niveau derzwëschent. En ass zwar net am Sënn vun der Constitutioun, mä trotzdem ass een Zwëschenniveau do wou décidéiert gëtt an et ass manner Transparenz do. An dëst soll ee sech bewosst sinn, wa mer déi Diskussioune féieren.

An dann d'Diskussioun vun den neie Modellen, déi den Här Calmes ugeschwat huet an déi ech och gären nach eng Kéier wëll féieren, déi ganz Diskussioun mat de Communités de communes an esou weider, dat ass en Débat, deen ass wichteg an dee muss geféiert ginn.

Mä et muss awer och elo gläich gehandelt ginn. Mir kënnen net ëmmer nëmmen diskutéieren. Well ech sinn der Meenung, dass d'Marge de manoeuvre net déi gréisst ass, mä relativ kleng ass, an dass mer, wëssend dass esou en Zyklus, wéi en elo amgaangen ass ze dréinen, all 30 Joer erëm kënnt, all Intérêt hunn eis an eiser Groussregioun ze positionéieren duerch effizient Gemengen.

Fusiounen, dat hat ech gesot, wier eng Äntwert, mä doudsécher net déi bescht. Et muss ee kucke wat se wäert ass a wat se net wäert ass. D'Limiten hu mer virun Aen. Ech menge wa mer zesummen an deenen nächste Méint konstruktiv wäerten diskutéieren, wa mer keng Politique politicienne wäerte maachen, Här President, da sinn ech iwwerzeegt dass d'Interesse vun de Bierger an eiser Gesellschaft an de Gemenge gutt wäerte vertruede sinn.

Dofir sinn ech och iwwerzeegt, dass dëse Projet, net nëmmen eleng doduerch dass en eng Unanimitéit hei an der Chamber fënnt, awer och eng symbolesch an eng Signalwierkung huet fir déi aner Gemengen, fir och an déi Richtung ze denke wéi et an dësem Projet geschitt ass.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Här Minister, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Gira?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt keng Fro méi stellen, Här President. Ech wollt dem Här Innenminister just op seng Interventioun u mäin Numm preziséieren, dass ech déi Fusioun absolut net zerriede wollt a se och net zerriet hunn, well soss géife mer de Projet net stëmmen, wa mer där Meenung wieren.

Ech wollt just viru Blauäugigkeet, souwuel an dësem spezifesche Fall, wéi virdrun, am generelle Kontext vun de Fusiounen, hiweisen an hu preziséiert mat mengen Zuelen, dass déi prinzipiell finanziell Problemer, déi kleng Landgemengen hu mat Fusiounen an dëser Gréisstenuerdnung, zumol wann d'Zäiten elo méi schlecht géinge ginn, net geléist ginn. Net méi an net manner wollt ech soen an dozou stinn ech.

M. le Président.- Mir huelen Akt, Här Gira, vun Ärer Deklaratioun. Här Minister, ech mengen et ass deem näischt méi zouzefügen.

(Hilarité)

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Dir hutt do een Term benotzt, Här Gira, dee mer net esou gefält, dat ass Blauäugigkeet. Ech hunn net dat Gefill, dass ënnert dem Innenminister Michel Wolter, oder menger Persoun, d'Gemenge géifen dohinner gestallt ginn, dass se sollte blauäugig ginn oder wieren. Ech sinn der Meenung…

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Ech sinn houfreg op meng blo Aen.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Ech sinn der Iwwerzeegung, dass jidderee verstanen huet wéi eescht déi Situatioun hei ass an dass mer nach flott a wichteg Diskussiounen hei wäerte féieren.

M. le Président.- Voilà, mir sinn dann definitiv um Enn vun der Diskussioun ukomm. Ech hunn eng grouss Unanimitéit hei festgestallt fir de Projet vun der Fusioun vun de Gemenge Baastenduerf a Furen a mir wäerten déi grouss Zoustëmmung och elo gläich beim Vote mierken; e Vote zu deem mer och elo kommen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen of iwwert de Projet de loi 5343. Den Text steet an deemselwechten Document parlementaire.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5343 ass, esou wéi ech dat virdrun ugedeit hat an och erhofft hat, mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Ali Kaes), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber) , Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mmes Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Wann dat esou ass, dann ass dat esou décidéiert.

4. Demandes en naturalisation

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

(Le huis clos est prononcé à 18.45 heures.)

* * *

(Le huis clos est levé à 18.49 heures.)

Domat ass de Huis clos opgehuewen. Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 45 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl an eng Demande am zweete Vote constitutionnel.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 17 novembre 2004

1. ALLIOT Philippe René Gabriel, né le 27 juillet 1953 à Voves (France), demeurant à Strassen
2. ASSEBANE Ali, né le 15 décembre 1963 à Casablanca (Maroc), demeurant à Hesperange
3. AUBERTOT Lionel, né le 26 juin 1972 à Mont-Saint-Martin (France), demeurant à Esch-sur-Alzette
4. BAHREHVAR Reza, né le 23 septembre 1972 à Téhéran (Iran), demeurant à Hagen
5. BARBARO Antonio, né le 17 juin 1962 à Mammola (Italie), demeurant à Niederkorn
6. BENALLEGUE Linda, née le 18 janvier 1964 à Setif (Algérie), demeurant à Luxembourg
7. BLAKAJ Bashkim, né le 22 février 1965 à Vrellë (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Differdange
8. BLATT Konrad Raimund, né le 27 avril 1964 à Saarburg (Allemagne), demeurant à Bech-Kleinmacher
9. BORMANN Wilfried Johann Fritz, né le 8 mai 1947 à Beppen (Allemagne), demeurant à Ehlerange
10. BOUGUATTAYA Halima, née le 16 août 1973 à Casablanca (Maroc), demeurant à Esch-sur-Alzette
11. BRANICKA Anna Katarzyna, née le 12 décembre 1983 à Varsovie (Pologne), demeurant à Luxembourg
12. BRKIC Bernarda, née le 15 février 1962 à Janjevo (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg
13. CHAMMAS Henriette, née le 00.00.1926 à Lattaquie (Liban), demeurant à Strassen
14. CIKOTIC Adela, née le 4 juin 1981 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Esch-sur-Alzette
15. CIKOTIC Asmir, né le 8 décembre 1982 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Rumelange
16. CORNUT Jean-Marc, né le 2 mai 1960 à Sorengo/Tessin (Suisse), demeurant à Kehlen
17. CORREIA Vanda Maria, née le 20 janvier 1976 à Ribeira Grande/Santo Antao (Cap-Vert), demeurant à Ehnen
18. DA CRUZ Maria de Fatima, née le 19 octobre 1963 à Santo Crucifixo/Ribeira Brava (Cap-Vert), demeurant à Differdange
19. DA SILVA PINTO Célia de Fatima, née le 8 juillet 1979 à Fornos/Marco de Canaveses (Portugal), demeurant à Mamer
20. DE BACKER Roger Louis Ivo, né le 21 mars 1948 à Anvers (Belgique), demeurant à Junglinster
21. DE CARVALHO RODRIGUES Maria José, née le 14 janvier 1965 à Vrea de Jales/Vila Pouva de Aguiar (Portugal), demeurant à Bertrange
22. DE GROOT Joanna Diana Nicolasina, née le 7 novembre 1943 à Venlo (Pays-Bas) demeurant à Mersch
23. DE TOMMASO Gianni, né le 22 septembre 1972 à Luxembourg, demeurant à Bergem
24. DESCAMPS Jacques Gaston Cornelius, né le 8 mai 1943 à Ieper (Belgique), demeurant à Luxembourg
25. FADINA Viktoriya, née le 15 novembre 1976 à Sébastopol (Ukraine), demeurant à Hautcharage